LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 16 juin 2020

REÇU
Par Alff Christian , 13:53, 16/06/2020

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Concerne : question parlementaire n° 2187 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Fernand Kartheiser.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2187 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser

Ad 1 an 2)

Nodeems d'Schoulhaiser wärend zwee Méint zou waren, gouf de Schoulbetrib de 25. Mee 2020 nees eropgefuer, dat bekanntermoosse mat engem *Enseignement en alternance* a mat der Halbéierung vun de Klassen. Dës sanitär onëmgänglech Moossnam ass personalintensiv, woufir dann och all Enseignanten hu misse mat ageplangt ginn, och déi vum *Cours d'accueil*. Wärend dem Confinement haten déi Enseignante vum Accueil och mat hire Schülerinnen a Schüler en *Enseignement à distance* gemaach. Zanter dem Enn vun der Ouschtervakanz haten all Enseignanten d'Méiglechkeet, deconnectéiert respektiv besonnesch fragil Kanner am Respekt vun den Hygiènesdispositiounen am Schoulhaus eent zu eent ze gesinn an ze betreien. Elo sinn d'Léiergruppe kleng an den Titulaire vun der Klass huet d'Méiglechkeet, méi op d'Bedierfnisser vun de Kanner mat Migratiounshannergrond anzegoen, dat ë. a. mat individualiséiertem Unterrecht a Peer-learning. Wann de Schoulbetrib richteg um Rullen ass, an net ze vill Ausfäll beim Léierpersonal sinn, kënnen d'Enseignantë vum Accueil sech nees exklusiv hirem Public cible widmen.

Ad 3)

Dat éischt Zil ass a wäert et och an dëser aussergewéinlecher Zäit bleiwen, fir deene Kanner, déi et brauchen, ze hëllefen, esou séier wéi méiglech sproochlech aktiv an autonom ze ginn an hir Bedierfnisser, Iddien an dat, wat si u Wëssen a Kompetenze matbréngen, ausdrécken ze kënnen. An deem Sënn bléift d'Zil vum *Cours d'accueil* dat selwecht, nämlech déi betraffe Kanner esou séier wéi méiglech fit ze maachen, fir um Reegelunterrecht deelzehuelen.

Ad 4)

Déi interkulturell Mediateure vum *Service de la scolarisation des enfants étrangers* (SECAM) sinn zanter Ufank vum Confinement nach verstäerkt am Asaz. Si ënnerstëtzen d'Léierpersonal an d'edukatiivt Personal op villfälteg Aart a Weis (Gespréicher iwwer Videochat, schréftlech Iwwersetzungen, reegelméissege Kontakt mat den Elteren fir Froen zum *Enseignement à distance* ze beäntweren).

Déi interkulturell Mediateure stinn dem Léierpersonal an dem edukative Personal, de Kanner an hire Familllen och weiderhin zur Säit, fir den éischten Accueil vun engem Kand, dat als *Primo-arrivant* an de Lëtzebuerger Schoulsystem kënnt, ze assuréieren. Esouwäit et méiglech ass, gëtt bei de Mediatiounen op Telefon, E-Mail a Videochat zeréckgegraff. A Situatiounen, wou den interkulturelle Mediateur sech deplacéiert, wéi all Eent-zu-eent-Situatioun, ginn d'Distanz- an d'Hygiènesmesurë strikt ëmgesat.

Déi jeeweileg Direktiounen an d'Enseignantë vum *Cours d'accueil* garantéiere weiderhin den Empfang vun de Kanner, déi tëschent dem 25. Mee an dem 15. Juli 2020 an der Lëtzebuerger Grondschoul ukommen. Wat d'Beschoulung vun dëse Kanner ugeet, esou si si vun Ufank un an hirer *Classe d'attache*, woubäi den Titulaire vun der Klass aktiv mat dem Enseignant *vum Cours d'accueil* zesummeschafft.

Fir vulnerabel Kanner, déi virun dem Confinement de *Cours d'accueil* besicht hunn, gëtt den *Enseignement à distance* weidergefouert:

- Wéi bis elo féiert den Enseignant vum *Cours d'accueil* den Encadrement vun de Kanner virun, an zwar an Zesummenaarbecht mam Titulaire vun der Klass;

- Am *Plan individualisé de formation* ginn d'Haaptléierziler an den aktuelle Schoulparcours vum Schüler oder der Schülerin festgehal; dëst Dokument ass béiden Enseignanten zougänglech.

Ad 5)

Laut dem *Règlement grand-ducal du 16 juin 2009 déterminant le fonctionnement des cours d'accueil et des classes d'accueil pour enfants nouvellement installés au pays* gëtt d'Unzuel u Stonnen vum *Cours d'accueil* no de Besoine vum Kand festgeluecht. D'Zäit am *Cours d'accueil* gëtt also a Funktioun vum viregte Schoulparcours vum Kand grad ewéi sengem schouleschen a sproochleche Bilan vum Titulaire vun der Klass an dem Enseignant vum *Cours d'accueil* festgeluecht; dëst mat engem Maximum vun zwee Joer pro Sprooch. Bei dëser maximaler Dauer handelt et sech ëm Kalennerjoren a net ëm Schouljoren. Deemno ass et, jee no Besoin vum Kand, duerchaus méiglech, och iwwer d'Schouljoer 2019/2020 eraus nach *Cours d'accueil* ze kréien.

Grad elo, an den erschwéierte Bedingunge vum Confinement, hält de SECAM iwwregens d'Beschoulung vun de Kanner a Jonken tëschent 11 an 18 Joer, déi rezent an de Lëtzebuerger Schoulsystem komm sinn an opgrond vun deenen aktuellen Ëmstänn net kënnen enger Schoul zougewise ginn, mat *Classes d'accueil* oprecht.

Ad 6)

D'Decisioun fir d'Orientatioun steet um Enn vun engem Prozess, et ass eng gemeinsam Entscheedung vum Titulaire vun der Klass an den Elteren. D'Tester vum SECAM stellen am Orientatiounsprozess just eng fakultativ zousäzlech Informatioun fir den Enseignant an dem Kand seng Elteren duer. Fir d'Enseignanten an d'Elteren an där aktueller Situatioun weiderhi kënnen ze beroden, bleift de SECAM eng Ulafplaz fir béid Acteuren. D'Mataarbechter vum SECAM sinn telefonesch, per E-Mail a Videochat disponibel.

De SECAM huet och dëst Joer d'Formatioun *Orientation vers l'enseignement secondaire: différentes voies pour différents profils* ugebueden. Véier Sessioune goufe vun Enn Februar bis Ufank Mäerz 2020 ofgehal. Am Mëttelpunkt vun dëser Formatioun stoungen déi verschidde Schoulofferen, déi op verschidde Profiller vun de Schüler a Schülerinnen ausgeriicht sinn, dorënner och déi staatlech Schoule mat internationalem Charakter.

Informatiounen iwwer d'Orientatioun (ë. a. d'Méiglechkeete vum Recours am Fall wou d'Eltere mat enger Decisioun net averstan sinn), sinn a folgende Broschüren ze fannen: *Bienvenue à l'école luxembourgeoise; Que faire après le 4e cycle de l'enseignement fondamental ?; Orientation vers l'enseignement secondaire – différentes voies pour différents profils.* Déi éischt Brochür vum SECAM riicht sech besonnesch un Eltere vu Kanner, déi als *Primo-arrivants* an de Lëtzebuerger Schoulsystem kommen. Dës ass a fënnef Sproochen, esouwuel als Pabéierversioun ewéi och iwwer den Internetsite vum Educatiounsministère, disponibel.

Doniewent gëtt et weider Hëllefstellungen, déi de SECAM ubitt:
- D'Eltere kënne weiderhin op déi interkulturell Mediateuren zeréckgräifen;
- Um Aschreiwungsformulaire fir an de Lycée ass eng Referenz op d'*Cellule d'accueil scolaire pour élèves nouveaux arrivants* (CASNA), wou d'Eltere vun engem Kand, dat rezent an de Lëtzebuerger Schoulsystem komm ass, sech bei Froen zur Orientatioun vun hirem Kand melle kënnen;
- Op *Radio Latina* gouf et eng Emissioun zum Thema Orientatioun, wou de SECAM als Ulafplaz genannt ginn ass, fir de Fall, datt d'Eltere weider Froen zu der Orientatioun hunn. Dat ass nëmmen ee Beispill vun Zesummenaarbecht mat Vertriedungen a Medien vun a fir Leit aus anere Länner.